# Courrier de l'Éducation nationale

Le mensuel du ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

JUILLET-AOÛT 2022

A07/08

Dans ce numéro :


## LES ACTUALITÉS DU MENJE

Pour en savoir plus ... 2

### À la UNE

Bon de commande du matériel didactique pour l'enseignement fondamental : année scolaire 2022-2023 ... 3

Lancement Jugendpakt 2022-2025 ... 4

### Leseförderung - Schulbibliothek - Medienerziehung

De Piwitsch N° 2 ... 6

Réckbléck op de Virliesconcours 2022 : Déieren ... 7

### Publications

Nouvelles publications ... 15

## LE MONDE DE L'ÉDUCATION

### Manifestations

Eltereschoul - Programm ... 16


LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# INFORMATIONS UTILES :

Le délai pour la remise des annonces à publier est fixé au 15 de chaque mois précédant la publication du CEN.

Les articles ne doivent pas dépasser 2 pages A4 (Times new roman, 12pts, interlinage 1,5) et sont à adresser sous forme électronique (textes au format word, images au format jpeg 72dpi) à l'adresse suivante : cen@men.lu

Le MENJE se réserve le droit de modifier voire refuser des contributions externes. Il décline toute responsabilité quant au contenu de ces contributions.

Le CEN paraît 11 fois par an.

Les publications du ministère peuvent être consultées sur notre site:

www.men.public.lu

## Pour en savoir plus

- Fuschnei! E frësche Look an erweidert Funktionalitéite fir den Lëtzebuerger Online Dictionnaire (LOD)
- Les lauréats de l'Olympiade européenne des sciences expérimentales et de l'Olympiade internationale de philosophie honorés par le ministre Claude Meisch
- #EYY2022 La nouvelle plateforme numérique innovante
- Épreuves communes 2021/2022
- Scolarisation des élèves ukrainiens au Luxembourg : le ministre Claude Meisch rend visite à des classes au Lënster Lycée International School
- 25e finale du concours Maachmath : une autre façon de faire des maths




# ÉDITORIAL

Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

33, rives de Clausen
L-2165 Luxembourg

layout: Presse et Communication

e-mail: cen@men.lu

tél.: +352 247-85114

consultez notre site:
http://www.men.public.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

MATÉRIEL DIDACTIQUE POUR LES 4 CYCLES
DE L'ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

# BON DE COMMANDE

ANNÉE SCOLAIRE : 2022/2023

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# Zesumme fir d'Wuelbefanne vun de Jonken: Lancement vum Jugendpakt 2022-2025

De 27. Juni 2022 gouf den neie Jugendpakt, a Presenz vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, um Belval lancéiert. Dësen nationalen Aktiounsplang fir d'Jugend fir den Zäitraum vun 2022 bis 2025 gouf vum Service de la jeunesse an Zesummenaarbecht mat den Acteuren um Terrain an de Jonken ausgeschafft. E setzt de Fokus op déi perséinlech Entwécklung an d'Stäerkung vun de sozio-emotionale Kompetenze vun de Jonken.

## Eng Strategie fir d'Fërderung vum Wuelbefanne vun deene Jonken

Eng wichteg Aufgab vun der Educatiounspolitik ass et zanter Joren, dofir ze suergen, datt Jonker an hirer Entwécklung gestäerkt ginn. No zwee Joer COVID-19-Pandemie an als logesch Suite vun der Veröffentlechung vum Nationale Bericht iwwert d'Situatioun vun der Jugend zu Lëtzebuerg am Juni 2021 war et wichteg, konkret Moossnamen ze definéieren, fir d'Wuelbefanne vun de Jonken ze erhalen an ze verbesseren:

"D'Pandemie huet nach emol gewisen, wéi eng Bedeitung d'Wuelbefanne bei eise Jonken huet. Awer och wéi wichteg et ass, datt mer alleguer aktiv dozou bäidroen: an der Schoul, an der non-formaler Bildung an an der Famill. Mam Jugendpakt 2022-2025 an deene ville konkrete Mesurë ronderëm setze mer en Zeechen an e verbindleche Kader fir aus staarke Jonke staark Erwuessener ze maachen", huet de Claude Meisch ënnerstrach.

Dëse Jugendpakt mat 21 konkrete Mesuren an Aktiounen ass de Kompass fir déi nächst Jore fir d'Ëmsetzung vun de Prioritéiten, déi festgehal goufen. D'Zil vun dësem nationalen Aktiounsplang, mee och vun der Jugendpolitik u sech, ass et, datt déi Jonk sech wuel an hirer Haut spieren, sech trauen sech ze engagéieren an datt si Zukunftsperspektiven gebuede kréien. Si si vollwäerteg Membere vun eiser Gesellschaft, déi gehéiert musse ginn, fir aktiv un der Entwécklung vun eiser Gesellschaft deelzehuelen. An deem Sënn huet de Ministère sech mam Jugendpakt 2022-2025 eng Strategie ginn fir d'Fërderung vum Wuelbefanne vun deene Jonken, déi op 3 prioritäre Piliere berout.

## D'Wuelbefannen am schoulesche Milieu

An de Schoule soll en Ëmfeld an e Klima geschafe ginn, wou déi Jonk sech begéinen kënnen an d'Méiglechkeet hunn, hir sozial Kompetenzen a Resilienz ze entwéckelen. An deem Sënn ass et wichteg, d'Koordinatioun vun den psycho-sozio-edukative Servicer weider ze verbesseren a se nach méi déif an de Lycéeën ze verankeren. Den Zougang vun de Schüler zu den psycho-sozio-edukative Servicer, besonnesch zu de SePAS, gëtt weider ugepasst an ausgebaut.

## D'Stäerkung vun der non-formaler Bildung

D'Jugendaarbecht baséiert op de pedagogesche Prinzippie vun der non-formaler Bildung an ass e wichtege Pilier an der perséinlecher a sozialer Entwécklung vu Jonken. E wesentlecht Element ass déi relationell Aarbecht mat deene Jonken an d'Qualitéit vun der Offer hänkt gréisstendeels vun den Educateuren of. An deem Kontext ass et wichteg, dass d'Kompetenzen an den Knowhow, besonnesch am Beräich vum Wuelbefannen, kontinuéierlech weiderentwéckelt ginn. Dofir ginn d'Expertis an d'Formation continue an de Beräicher "psychesch Gesondheet" an "digital Gesondheet" verstäerkt.

page suivante


## Zesummenaarbecht a Vernetzung vun de verschiddenen Acteuren

Déi verschidden Acteuren, déi sech ronderëm déi Jonk engagéieren, hunn all de selwechten Objektiv: déi Jonk ze ënnerstëtzen an hinnen ze hëllefen.

Den Austausch tëschent de verschiddene psycho-sozio-edukative Professionellen ass dofir essenziell fir déi verschidden Aktiounen ze koordinéieren, déi d'Wuelbefannen an d'Ënnerstëtzung vun der mentaler a kierperlecher Gesondheet vu jonke Leit am Fokus hunn.

Dofir ass et wichteg, d'Vernetzung vun de verschiddenen Acteuren ze erliichteren. An deem Sënn mussen d'Lienen tëscht de formalen an non-formalen Institutioune verstäerkt ginn. Esou sollen entspriechend Methoden a Méiglechkeete fir gemeinsam Aktiounen entwéckelt ginn, déi zum Wuelbefanne vun de Jonke bäidroen. Gläichzäiteg muss d'Visibilitéit vun de verschiddenen Offeren a Moossnamen, déi op verschiddenen Niveauen existéieren, erhéicht ginn.

De Jugendpakt 2022-2025 fannt Dir a senger Integralitéit ënnert follgendem
Lien: http://edulink.lu/hshb



# 'De Piwitsch' Nummer 2 ass do!




D'Nummer 2 vun der Kannerzeitung 'De Piwitsch' ass Enn Juni verdeelt an deene ronn 1.600 Klasse vun den Zyklen 3 a 4 vum Enseignement fondamental verdeelt ginn.

Op 24 Säite gi spannend Theeme behandelt.

Zum Beispill geet 'De Piwitsch' virun Nationalfeierdag op d'Roll vum Groussherzog an. En interesséiert sech och fir d'Kannerrechter, Déieren a Gefor, d'Sproochen an der Welt a konnt kucken, wéi al Biller Millimeter per Millimeter restauréiert ginn.

E flotte Stop-Motion-Video iwwer déi geféierlech Plastikverschmotzung vun de Mierer huet 'De Piwitsch' zesumme mat der Klass 4.2 vu Klengbetten realiséiert.

Dës weidere konnt 'De Piwitsch' mam jonke Vëlossportler Niels Michotte iwwer seng bis elo schéinste Course schwätzen, an d'Kulisse vun enger Apdikt kucken, war fréi Moies mat enger Noriichtespriecherin am Studio an huet erausfonnt, wat e Gesetz ass a wéi Päerd viru Millioune vu Joren ausgesinn hunn.

'De Piwitsch' huet och e Lidd! Dat kënnt dir ab elo op www.piwitsch.lu lauschteren.

## Mellt iech un fir d'Mini-Redaktioun!

Vun der Rentrée am September 2022 un kënnen dann d'Enseignanteën an Enseignanten aus den Zyklen 3 a 4 hir Klass aschreiwen, fir mam 'Piwitsch'-Team zesummen e Mini-Redaktiouns-Projet duerchzeféieren.

Méi Detailer dozou ginn et deemnächst an der Nummer 3 vun der Zeitung an op piwitsch.lu.

## Wat ass 'De Piwitsch'?

'De Piwitsch' ass e Konzept fir d'Mediekompetenz vun de Schülerinnen a Schüler aus den Zyklen 3 a 4 vum Enseignement fondamental ze stäerken.

Et geet drëms, fir de Virwëtz an d'Kreativitéit, d'Loscht um Liesen an um Schreiwen, mee virun allem de kritesche Geescht vun de Kanner tëscht 8 an 12 Joer ze fërderen.

D'Léierpersoune kënne ganz gären d'Inhalter vun der Zeitung an dem Internetsite piwitsch.lu notzen, fir aktuell Theemen an der Klass opzeschaffen.

## Feedback

'De Piwitsch' ass en evolutive Projet, deen op ass fir Suggestioune vun der Schoulcommunautéit (Kanner, Enseignanten, Elteren).

Dir hutt Remarken oder Suggestiounen? Da schreift der Ekipp op team@piwitsch.lu.

# Réckbléck op de Virliesconcours 2022 : "Déieren"



Bei déser 17. Editioun vum Virliesconcours hunn iwwer 4500 Schülerinnen a Schüler aus 15 Regionaldirektioune matgemaach.

Wéinst der aktueller sanitärer Kris ass de Virliesconcours 2022 ugepasst ginn: Aus den éischte Ronnen, um Niveau vun de Schoulen, si 85 Schoulgewënnerinnen a Schoulgewënner erméttelt ginn. Duerno ass de Concours op den Oflaf vun engem Challenge iwwergaang an d'Schoulbibliothecairen oder d'Enseignanten hunn den Audiofichier vum bekannten Text vun all Schoulgewënnerin a Schoulgewënner bei de SCRIPT eragescheckt.

En interne Jury huet dunn aus de 85 Schoulgewënnerinnen a Schoulgewënner 15 Finalisten erméttelt, 1 pro Regionaldirektioun.

D'Finall war den 28. Juni 2022 nomëttes zu Miersch am Kulturhaus.

9 Kanner hunn op Däitsch virgelies, 5 op Franséisch an 1 op Lëtzebuergësch.

| Numm vum Kand | Schoul (Gemeng) | Buch |
|---|---|---|
| Emilie FELLERICH | École centrale "An der Wiss" (Biwer) | Das Geheimnis vom Brombeersumpf (Fernsehhund Lassie; Band 1)<br>Dorothea J. Snow |
| Maessa GARBAY | École Deich (Dudelange) | Massacre au potager (Flopsy)<br>Fred Dupouy |
| Imène HOUDREMONT | École de Mondercange (Mondercange) | Magie im Mondschein (Zauberkätzchen; Band 5)<br>Sue Bentley |
| Klara MULLER | École fondamentale Niederkorn (Differdange) | In die Wildnis (Warrior cats; Band 1)<br>Erin Hunter |
| Svetlana NIEUWENHUIS | Mäerzeger Schoul (Mertzig) | Kanner, eng Entféierung an déi Wëll Fra vu Lasauvage<br>Viviane Daman |
| Clarissa PIERRARD | École de Howald (Hesperange) | Die Konferenz der Tiere<br>Erich Kästner |
| Mohammad Mahdi RAHMANI | École fondamentale Dellhéicht (Esch-sur-Alzette) | Die Konferenz der Tiere<br>Erich Kästner |

suite...

| | | |
|---|---|---|
| Inès REIZER | École fondamentale Hollerich (Luxembourg) | Emily et le monstre des profondeurs<br>Liz Kessler |
| Raphaël SAGOT | École Walferdange (Walferdange) | Les musiciens de Brême<br>Jacob & Wilhelm Grimm |
| Léini SCHAACK | Schoulzenter Reiler (Clervaux) | Die Killerkatze haut ab<br>Anne Fine |
| Joanne SCHNEIDESCH | École fondamentale de Bascharage (Käerjeng) | Le livre de la jungle<br>Rudyard Kipling & Florian Pigé |
| Liam SCHUMACHER | Zentralschoul Buurschent (Bourscheid) | Der (wahre) Chef bin ich! Hundegeschichten vom anderen Ende der Leine<br>Erwin Leinemann |
| Carla TURK | Millermoaler Schull Eechternoach (Echternach) | Karogatto : wie Hund und Katz<br>Irmina Krauß & Guy Rewenig |
| Tristan WILLIGSECKER | Campus Scolaire de la commune de Dalheim (Dalheim) | Les fables d'Esope<br>Michael Morpurgo & Emma Chichester Clark |
| Leticija ZELIC | École européenne de Luxembourg II (Bertrange) | Ein Kater in geheimer Mission (Winston; Band 1)<br>Frauke Scheunemann |

De Claude Mangen huet duerch dee flotten Nomëtte gefouert. D'Kanner hu mat hire ganz villfältegen Extraiten an duerno der Maîtrise vun den onbekannten Texter de Public begeeschtert.




Déi onbekannt Texter waren fir d'Däitscht "Buddy : mein Leben als Straßenhund" vum Gill Lewis , fir d'Franséischt "La révolte des animaux moches" vum Coline PIerré a fir d'Lëtzebuergëscht "Dem Kueder Igor seng Aventüren & d'Geheimnis vun de 7 Liewen" vum Mara Montebrusco-Gaspari.

suite...

D'Ekipp *mimamu* vum SCRIPT huet an de Pausen, an deenen de Jury délibéréiert huet, mat hirem flotte Choraoke de Public animéiert.

Déi national Jury hat déi schwéier Aufgab e Gewënner z'ermëttelen.

Am Jury waren : Laurence Hilger, Libraire; Claude Karger, Coordinateur fir Medieprojeten am SCRIPT ; Irène Petesch, Enseignante a Responsabel vun enger Grondschoulbibliothéick; Romaine Theisen, Regionaldirektesch; Nora Wagener, Auteur.

All Finalistin an all Finalist krut als Merci e Buch an e Bicherbong.

Den nationale Gewënner vum Virliesconcours 2022 ass den Tristan Willigsecker aus der Grondschoul vun Duelem. Als onbekannten Text huet hie ganz flott en Extrait aus "Les fables d'Ésope" presentéiert.

Mir gratuléieren him ganz häerzlech. Eis Felicitatioune ginn awer och global un all Finalist a Finalistin, déi dem Jury an dem Public e flotten Nomëtteg mat vill ganz ënnerschiddlechen Extraite gebueden hunn.

D'Ekipp vum Piwitsch huet direkt no der Finall en Interview mam Tristan gemaach. En ass um www.piwitsch.lu disponibel


## Bicherauswiel zum Theema

Hei e puer Bicher, déi mir begéint hunn, wéi mir eis mam Theema vum Virliesconcours 2022 beschäftegt hunn. Doriwwer eraus hunn och d'Schoulgewënnerinnen an d'Schoulgewënner eis vill flott an heiansdo iwwerraschend Titele presentéiert.

Si weise verschidde Facettë vum Theema an erziele Geschichte vun Déieren oder vun der Relatioun Mënsch-Déier.

Fir d'Finall hu mir eis misse fir ee Buch an all Sprooch entscheeden, aus deem mir en Extrait fir den onbekannten Text gewielt hunn.

Am Däitsche war dat:




**Buddy : mein Leben als Straßenhund** / Gill Lewis ; aus dem Englischen von Siggi Seuß ; mit Illustrationen der Autorin. - München : dtv, 2022. - 347 p. - ISBN 978-3-423-76367-7

Buddy, halb Schäferhund, halb Belgischer Malinois wird von "seinem Jungen" weggeholt und in der Tothundgasse ausgesetzt. Dort fürchtet Buddy um sein Leben, bis die kleine französische Bulldogge Frenchi ihm einen Ausweg zeigt, und ihn zu dem Hunderudel rund um Lady Fifi bringt. Das Rudel lebt in einem verlassenen Lager unter der Hochbahn, und hält zusammen um zu überleben, und gegen die feindlichen Kanalhunde zu bestehen. Von Saffy, der gutmütigen Labradordame über Reynard, den ängstlichen Fuchshund bis zu Rex, dem starken Pitbull-Terrier haben alle ganz unterschiedlichen Charaktere. Die kleine Hundedame Lady Fifi hält die Gruppe zusammen.


Nach und nach fügt Buddy sich in die Gruppe ein und genießt es, Teil einer Hundefamilie zu sein. Dann aber tauchen die Kanalhunde und ihr furchteinflößender Leithund Fang auf, und es kommt zum Kampf.

Das Rudel bricht auseinander und Buddy muss flüchten. Auf seiner Flucht erlebt er Menschen, die sich um ihn kümmern und ihn mögen, er trifft aber auch auf skrupellose Männer, die seine Stärke nur zu ihrem Vorteil nutzen wollen. Und dann trifft er erneut auf Fang …

Ein berührendes Buch über das Beste und das Schlechteste - bei Hunden und bei Menschen.

suite...

Am Franséische war dat:




**La révolte des animaux moches** / Coline Pierré ; illustrations de Anne-Lise Combeaud. - Arles : Rouergue, 2018. - 200p. - (Dacodac). - ISBN 978-2-8126-1603-7 (€ 11,50)

Une dystopie très insolite et pleine d'humour.

En 2034, les animaux en apprennent à l'école sur l'année 2018, l'année de la Révolution à la suite de laquelle animaux et humains ont décidé de ne plus se manger, de mettre fin à l'époque de la « Domination humaine » et de donner aux animaux les mêmes droits qu'aux humains. À tous les animaux ?

Non, il semble que les animaux les plus moches souffrent toujours de discriminations et ne sont appréciés ni par les humains, ni par les autres animaux. C'est ce que vivent Sven l'hyène, Issa le boa, Marie-Odile le crocodile et Pascale la mygale.

A l'école ils se lient d'amitié et ils restent amis jusqu'en l'an 2050. A ce moment ils commencent à en avoir marre d'être ridiculisés, craints ou mal traités et ils décident de faire la révolte des animaux moches.

De leur idée naît peu à peu une vraie révolution.

L'on peut imaginer l'ouvrage comme clin d'œil à toutes sortes d'inégalités qui persistent aujourd'hui à l'égard des minorités. Le message est qu'il faut surmonter les clichés et regarder la personnalité de tout un chacun au lieu de se borner à un premier regard. Derrière la belle façade d'un beau cheval il peut y avoir de la méchanceté et derrière un crocodile peut se cacher un grand cœur.

L'appel à une plus grande tolérance et une vraie ouverture d'esprit est lancé sur un ton très humoristique qui fera apprécier le livre à des enfants du cycle 4 et à des adolescents..

Am Lëtzebuergesche war dat:



**Dem Kueder Igor seng Aventüren & d'Geheimnis vun de 7 Liewen** / Mara Montebrusco-Gaspari ; an d'Lëtz. gesat vum Lex Roth. - Cagnes sur Mer : Éd. Strapontins, 2011. 263 p. - ISBN 978-2-9537281-2-5


D'Geschichte ronderëm de Kueder Igor spillen deels an dem mëttelalterleche Stied Iechternach an an der Stad Lëtzebuerg selwer.

Leider gëtt et d'Buch net méi an der Librairie.

suite...

Hei dann e puer weider Suggestiounen zum Theema Déieren: vläicht passen se als Summerlecture, vläicht eegnen se sech fir d'Schoulbibliothéik.

Däitsch



**Jukli oder wie ich einen kleinen Esel an der Backe hatte und nicht mehr loswurde /** Corinna C. Poetter. - Bamberg : Magellan, 2022. - 205 p. - ISBN 978-3-7348-4743-1


Flora lebt mit ihrer Mutter und ihren Brüdern in eher schwierigen sozialen Verhältnissen. Der Vater ist weg, das Geld reicht kaum, die Mutter hat nicht viel Zeit und die älteren Brüder nerven eher, als dass sie Flora unterstützen. Dabei wird Flora in der Schule heftig gemobbt.

Zufällig trifft sie bei den Bahngleisen auf Mamou, eine ältere Roma, ihren Esel Cocotte und das kleine Eselfohlen Jukli. Flora, und die etwas geheimnisvolle Mamou, freunden sich an. Mamou will im Sommer nach Frankreich um Jukli, als Eselfohlen einer seltenen Eselrasse, offiziell in ein Zuchtregister eintragen zu lassen. Flora will heimlich mitfahren, indem sie ihrer Mutter vorschwindelt, mit einer neuen Klassenkameradin in deren Ferienhaus zu fahren.

Doch als Flora bei Mamou eintrifft, ist diese verletzt und Cocotte ist tot. Flora muss Mamou versprechen Jukli nach Frankreich zu bringen um ihn dort in das Zuchtregister eintragen zu lassen.

So startet die turbulente Reise von Flora und Jukli durch Deutschland, über Paris bis nach Südfrankreich. Flora trifft auf ganz unterschiedliche Familienmitglieder von Mamou und sie findet auch zu sich selbst.

Ein humorvolles, manchmal nachdenklich stimmendes, aber lebensbejahendes Buch mit einem wohlverdienten Happy End.




**Die Macht der Verwandlung** / Ali Sparkes ; aus dem Englischen von Leo Strohm. - Frankfurt : Fischer, 2021. - (Fox runner, Bd. 1). – Originaltitel : The shapeshifter - finding the Fox. - ISBN 978-3-7373-4156-1

Dex hat es nicht leicht. Seine Stiefmutter und seine egoistische Schwester beanspruchen alles an Aufmerksamkeit und Geld das der Vater, der als Arbeiter auf einer Bohrinsel nur alle paar Monate nach Hause kommt, erübrigen kann.

So haust Dex in einem schäbigen Zimmer und muss arbeiten, während seine Halbschwester und deren Mutter sich amüsieren. Als sich Dex eines nachmittags versehentlich selbst im Gartenschuppen einsperrt, passiert etwas ganz Merkwürdiges: er verwandelt sich in einen Fuchs.


Dex versteht anfangs nicht, was mit ihm passiert, aber nach einigen weiteren Verwandlungen weiß er, dass er besonders ist. Dies hat aber auch die Regierung erfahren, die ihn in ein Internat für Kinder mit besonderen Begabungen bringt.

Mit Gideon, der Dinge schweben lassen kann, Mia mit den heilenden Händen und Lisa, die übersinnliche Botschaften empfängt, fühlt Dex sich zuerst ganz wohl, aber dann passieren auch dort sehr merkwürdige Dinge. Wem kann Dex noch trauen?

Es handelt sich um den ersten Band einer spannenden und actionreichen Fantasyreihe.

suite...

Bei den Extraite vun de Schoulgewënner koum dëse Klassiker vum Erich Kästner direkt e puer Mol vir:




**Die Konferenz der Tiere** / Erich Kästner. - Neuausgabe : Zürich : Atrium Verlag, 2021. - 112 S. - ISBN 978-3-85535-675-1

Bibliophile Ausgabe im Bilderbuchformat:
**Die Konferenz der Tiere** / Erich Kästner. - Zürich : Atrium Verlag, 1998. - 112 S. - ISBN 978-3-85535-991-2

Bei dem großen Kinderbuchklassiker handelt es eigentlich um ein sehr aktuelles Buch rund um Kinderschutz, um Völkerverständigung und die drohende Zerstörung der Erde.

Da die Tiere sich das rücksichtlose Wirtschaften der Menschen und das endlose Diskutieren in unsinnigen Konferenzen nicht weiter tatenlos mitansehen wollen, versammeln sie sich zur ersten Konferenz der Tiere. Diese findet im Hochhaus der Tiere statt und wird per Fernseher in die entlegensten Winkel der Erde sowie zur gleichzeitig stattfindenden 87. Konferenz der Staatsmänner übertragen. Das Motto lautet: Es geht um die Kinder!

Schon die Anreise der Tiere ist ein großes Abenteuer. Auch einige Kinder sind als Ehrengäste bei der Konferenz anwesend. Den Politikern und Militärs auf der Konferenz der Menschen gefällt die tierische Konferenz nicht: sie wollen keine Einmischung der Tiere. Die Tiere jedoch wissen sich zu wehren …

Das Original, 1949 kurz nach dem 2. Weltkrieg erschienen, ist ein flammender Appell gegen Gewalt und Krieg, gegen Grenzen die trennen, gegen Dummheit und für die Rechte der Kinder.

Franséisch




**Kid au 1er sommet des animaux** / Gwenaël David ; ill. Simon Bailly. - Paris : Hélium, 2020. - 165 p. - ISBN 978-2-330-13212-5

Après une série de dérèglements climatiques et de catastrophes naturelles, les animaux de la planète - y compris les hommes - doivent se mettre d'accord pour convenir d'une gestion équitable des ressources naturelles.

Voici l'objectif du 1er sommet des Espèces auquel Kid, une jeune adolescente, est invitée. À part elle, il n'y a qu'un seul autre homme invité et présent dans la grande salle où a lieu le sommet.

Ce rassemblement très étrange d'animaux de toutes sortes semble fascinant et déroutant pour Kid.

Mais, tout à coup, une explosion a lieu. Les animaux sont coincés. Finiront-ils par se sortir ensemble de cette situation difficile ou la loi du plus fort l'emportera-t-elle ?

Il s'agit quelque part d'une réminiscence au grand classique allemand « la conférence des animaux » d'Erich Kästner.

Le livre est un appel à la solidarité entre toutes les espèces.

La variété des espèces animales signalées rend la lecture plus ardue. Il s'agit d'un livre destiné à des lecteurs francophones.

suite...




**King et Kong** / Alex Cousseau ; ill. de Clémence Paldacci. - Arles : Rouergue, 2020. - 105 p. - (Dacodac). - ISBN 978-2-8126-1960-1

King et Kong sont deux pandas jumeaux qui font strictement tout ensemble et qui ne se quittent jamais. Mais arrive un moment ou Kong, sur un coup de tête, décide de partir en voyage sans avertir son frère à l' avance.

King se trouve pris au dépourvu et ne sait que faire. Ce sera finalement Mademoiselle Lisette de l'entreprise WOUK, où il achète son téléphone portable, qui finira par l'aider.

Une histoire drôle, douce et complètement farfelue à la fois sur l'amour fraternel, l'envie de partir et les hasards de la vie.

Une deuxième histoire des pandas a été publiée : King et Kong se font livrer un cousin





**Le jour des poules /** Florence Thinard. - Paris : T. Magnier, 2012. - 93 p. - (En voiture Simone !). - ISBN 978-2-36474-314-4

Écœurée par la malbouffe, Maryse, mère de famille quelque peu excentrique, se met en tête d'accueillir des poules dans son jardin. Elle prône la pensée écologique et les valeurs nutritionnelles des œufs biologiques à son petit monde, qui a un avis plutôt mitigé. Papa, pragmatique, commence à faire les comptes et analyse le côté financier : construction d'un poulailler, achat de nourriture, frais vétérinaires … Ces œufs coûteraient une fortune ! Les enfants, quant à eux, s'emballent à l'idée d'avoir enfin des animaux domestiques à chouchouter à longueur de journée.

Comme si souvent, Maryse arrive à convaincre son petit monde. Voilà la famille lancée dans la construction du poulailler et en quête des gallinacés tant convoités. Mais une fois les poules installées dans leur nouvelle demeure, le rêve de Maryse tarde à se réaliser et risque plutôt de tourner au cauchemar. Les poules s'attaquent aux plantes du jardin, à leurs congénères et même aux membres de la famille. Et en plus … elles ne pondent pas !

Heureusement, Maryse n'est pas prête à baisser les bras …

Un roman tout aussi divertissant qu'attendrissant qui enseignera une belle leçon de patience et de persévérance à des élèves du cycle 4




**Zoé Comète et l'incroyable histoire des trois chats de monsieur Pompéï** / Adeline Délie-Platteaux ; illustré par Célia Niels. - Nantes : Gulf stream éditeur, 2019. - 162 p. - (Étincelles). - ISBN 978-2-35488-677-6

Zoé râle. Sa mère l'oblige à apporter quotidiennement un sac rempli de commissions à Monsieur Pompéi, un vieux voisin grincheux qui ne desserre pas les dents et qui déteste les enfants. Le tout sous prétexte que cela l'occuperait pendant les grandes vacances et lui enseignerait par-dessus le marché une belle leçon d'humilité et d'altruisme. Tout semble indiquer que cette tâche, qu'elle peut heureusement partager avec son grand frère, aboutira en fardeau …

Toutefois, la première visite chez Monsieur Pompéi s'avère bien surprenante, car Zoé y découvre l'objet de ses rêves : un petit chaton trop mignon qu'elle accueille immédiatement dans ses bras et dans son cœur. Ainsi, la glace est vite brisée, surtout quand Zoé découvre encore deux autres


suite...

chats dans la maison de l'énigmatique voisin. Quand Monsieur Pompéi lui explique que « les chats sont des animaux nobles et compliqués », elle ne se doute pas encore de l'étrange pouvoir de ces félins. En effet, les trois chats de Monsieur Pompéi ont la capacité de la faire voyager dans le temps et dans l'espace pour lui apprendre leur histoire fascinante.

Il va sans dire que les visites quotidiennes chez l'étrange voisin deviennent le moment phare dans la journée de Zoé. Ce n'est plus un fardeau, mais une bénédiction !

Une histoire attendrissante et légèrement loufoque avec une brise de fantastique qui envoûtera les élèves du cycle 4.

### E ganz besonnescht Buch




**La traversée des animaux** / Vincent Cuvellier ; illustrations de Brice Postma Uzel. - Paris : Gallimard jeunesse-Giboulées, 2020. - 33 p. - ISBN 978-2-07-511681-7

L'histoire se présente sous forme d'un livre illustré au grand format, mais il ne s'agit nullement d'une histoire pour de jeunes enfants.

Les protagonistes de l'histoire sont des animaux sauvages qui s'évadent du cirque de Moscou. Le gardien ne les retient pas.

C'est l'ours qui les guide car le roi lion a préféré rester au zoo. Là, on prend bien soin de lui.

Lors de leur traversée, certains animaux perdent l'usage de la parole et se retransforment en animaux sauvages. Les autres continuent leur chemin, sans connaître vraiment leur destination.

Un livre inclassable et fascinant qui traite de sujets comme la liberté ou l'identité. Une lecture partagée adulte-enfant permet d'aborder les sous-entendus historiques de ce récit.

## Observatoire de la qualité scolaire : L'entrée à l'école – Analyse de la situation scolaire actuelle et état des lieux de la recherche




disponible en ligne : www.men.lu

## Die Kinderrechte in der non-formalen Bildung




disponible en ligne : www.men.lu

## Les classes à régime linguistique spécifique



disponible en ligne : www.men.lu

**Trouvez toutes nos publications sous :**

**http://www.men.lu**

**Eltereschoul J. Korczak**
**Tél. 59 59 59 59**
**Mail: elterschoul@kannerschlass.lu**

---



D'Eltereschoul J. Korczak vun der Fondatioun Kannerschlass organiséiert säit 2002 am ganze Land all Zort vun theemateschen Aktivitéite fir Elteren ( Konferenzen, Groupes-de-parolen, Coursen, Soiréeën ... ) mam Zil si an der Educatioun vun hire Kanner ze ënnerstëtzen an ze begleeden. Dobäi gesäit d'Eltereschoul d'Elteren ëmmer a Gruppen fir et hinnen esou ze erméiglechen, sech och ënnerteneen auszetauschen.

D'Eltereschoul organiséiert esou wuel Aktivitéiten am Presentiel wéi och Online.
**Bal all dës Aktivitéite fir Eltere si gratis. ***
Hei d'Lëscht vun den **ONLINE-Aktivitéiten** aus den nächste Wochen.

Sollt Dir als Maison Relais, Crèche, Schoul, ... interesséiert sinn, ee vun eisen Theemenowender (ONLINE oder am Presentiel) fir d'Elteren aus Ärer Institutioun ze organiséieren, da kontaktéiert eis ënner: eltereschoul@kannerschlass.lu.

## Eltereschoul Doheem:
## Online-Programm Juli- Juli

**Lundi 04.07.22 18:00-20:00 hrs**
**You are not born a parent**
ONLINE activity for future parents or parents of small babies

**Mardi 05.07.22 18:00-20:00 hrs**
Sleep baby sleep- when children steal their parents' sleep
ONLINE activity for parents of children aged 0-4 years

**Jeudi 07.07.22 19:00-21:00 hrs**
Mon corps et moi – en route vers l'adolescence
Activité ONLINE pour parents d'enfants scolarisés

***Lundi, 11.07.22 20:00-21.00 hrs***
***Groupe de soutien pour parents épuisés***
Groupe de parole ONLINE pour parents d'enfants de tout âge

---

**Aschreiwung an Informatiounen iwwer:**
eltereschoul@kannerschlass.lu.
De ganzen Agenda vun der Eltereschoul fannt Dir och ënnert: https://www.kannerschlass.lu/fr/nos-services/eltereschoul/agenda

oder scannt einfach eise QR-Code.

www.kannerschlass.lu

**Eltereschoul J. Korczak**
**Tél. 59 59 59 59**
**Mail: elterеschoul@kannerschlass.lu**

---

*TRIPLE P POSITIVE PARENTING PROGRAM*

## TEEN Triple P: Positives Erziehungsprogramm (11-16 Jahre)



*Ziel des wissenschaftlich geprüften Programms ist es, die Erziehung von Jugendlichen zu erleichtern. Triple P gibt Tipps und Anregungen, die Ihnen als Eltern helfen, Ihr Kind in seiner Entwicklung zu unterstützen.*
*- Förderung der Entwicklung, Gesundheit, sozialen Kompetenz und Selbstkontrolle von Jugendlichen sowie einer stabilen Eltern-Kind-Beziehung;*
*- Reduktion von emotionalen Problemen und Verhaltensauffälligkeiten bei Jugendlichen sowie elterlichem Stress;*
*- Steigerung der Zufriedenheit in der Familie und der Freude an der Erziehung und der Elternrolle durch Stärkung der Erziehungs- und Beziehungskompetenz von Eltern.*

**Datum:** **Samstags 01.10., 08.10., 15.10.2022**
**Uhrzeit:** **01.10 (09.00-13.00 Uhr) dann 09.00-11.30 Uhr (10 Unterrichtsstunden)**
Ort: Luxemburg, 110, avenue G. Diderich, Eltereschoul
Kursleitung: Maryse Greivelding, Educatrice diplômée, Triple-P Trainerin
Sprache: LU + DE

## Cours Triple P: programme éducatif positif (2-10 ans)



*Le programme donne aux parents des stratégies simples et pratiques pour nouer des relations fortes et saines, gérer en toute confiance le comportement de l'enfant et éviter le développement de problèmes. Moins de stress dans l'éducation des enfants grâce à l'approche positive.*
*Ce programme peut vous apporter:*

- *Une meilleure connaissance du rôle de parent;*
- *La certitude que vous faites ce qu'il faut;*
- *Des outils immédiatement utilisables pour exercer votre rôle de parent.*

*Car, il n'existe pas de manière idéale d'être parent.*

**Dates:** **Mercredi 05.10., 12.10., 19.10. + 26.10.2022**
**Heure:** **de 18:30 - 21:00 heures (4 x 2.5 hrs)**
Lieu: A distance /En ligne
Intervenante: Patrice Moes-Gretsch, Educatrice graduée, Formatrice Triple-P
Langue : FR

*Infos und Einschreibung/ Infos et inscription : eltereschoul@kannerschlass.lu*
*Preis einschl. Kursbuch/ Prix, manuel de formation inclus:*
*Einzelperson/Personne seule: 100,00 € Elternpaar/Couple de parents: 150,00 €*

**Eltereschoul J. Korczak**
**Tél. 59 59 59 59**
**Mail: elterschoul@kannerschlass.lu**

# Eltereschoul Dobaussen

## *Op der Spillplaz*



Am Kader vum Projet **Eltereschoul Dobaussen,** sinn eis Intervenantë reegelméisseg op verschiddene ***SPILLPLAZEN uechter d'Land*** unzetreffen.

## Wou a wéini ?

Méi Info op eisem Agenda um Internet oder scannt de QR-Code

*Kanner ze erzéien,*

*kann eng richteg Erausfuerderung sinn*

Normalerweis ginn d'Eltere gutt eens an och kleng Probleemer hei an do, hunn se am Gréff. Se si kreativ a ganz aktiv doranner Léisunge bei den alldeeglече Schwieregkeeten ze fannen ...

Anerersäits, kënnen och Situatioune virkommen, wou ee virun neien Defi steet, wou een aner Léisungen a Weeër fanne muss…

**Hëllefe kann dobäi e.a. d'Eltereschoul**.

Wärend d'Kanner spillen, kënnen d'Elteren dovunner profitéiere fir Froen zur Erzéiung ze stellen a sech mat eis auszetauschen. Mir hunn och ëmmer eng kleng Aktivitéit derbäi fir an d'Diskussioun ze kommen.

Interesséiert ?

**Mir freeën eis Iech kennenzeléieren.**

D'Ekipp vun der Eltereschoul

